N°4043
Entrée le 03.06.2026
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Justice

**Gemeinsam Äntwert vun der Madamm Justizminister, Elisabeth MARGUE, a vum Här Inneminister, Léon GLODEN, op d'parlamentaresch Fro n° 4043 vum 5. Mee 2026 vum honoraablen Deputéierten Sven CLEMENT zum Sujet « Législation relative aux sprays contre les agressions ».**

1. **Fält e Spray, deen ausschliisslech Liewensmëttelfaarfstoff a keng reizend Stoffer enthält, ënner d'Loi du 2 février 2022 sur les armes et munitions – a wa jo, ënner wéi eng Kategorie?**

   E Spray, dee keng reizend Stoffer enthält, fält net ënnert d'Waffegesetz vum 2. Februar 2022.

2. **Ass de Besëtz, de Kaf an d'Matdroe vun esou engem Faarfspray am ëffentleche Raum zu Lëtzebuerg legal?**
   Well esou e Faarfspray net ënnert d'Waffegesetz vum 2. Februar 2022 fält, ginn et keng Bestëmmungen déi de Besëtz, de Kaf an d'Matdroe vun esou engem Faarfspray am ëffentleche Raum verbidden.

3. **Wéi evaluéiert d'Regierung d'Benotzung vun esou engem Spray am Kader vun der Noutwier (Art. 416 Code pénal), besonnesch am Hibléck op d'Duebelwierkung – kuerzzäiteg Siichtbehënnerung wärend dem Ugrëff op der enger Säit, a der méi-deegecher Markéierung dono op der anerer Säit?**

   Et kann net pauschal op déi Fro geäntwert ginn, well dofir eng Appreciatioun muss vu Fall zu Fall vun de Justizautoritéite gemaach ginn. Esou gesäit den Art. 416 vum Code pénal allgemeng vir: "Il n'y a ni crime, ni délit, lorsque l'homicide, les blessures et les coups étaient commandés par la nécessité actuelle de la légitime défense de soi-même ou d'autrui."

   Et muss awer präziséiert ginn, datt wann d'Conditioune vun der Noutwier net erfëllt wieren, kéinten am Fall vun der Benotzung vun esou engem Spray eventuell verschidde Strofdote bestoen, wéi z.B. coups et blessures volontaires mat oder ouni Aarbechtsonfäegkeet, wa Blessure mam Spray verursaacht gi wären (Artikelen 398 bis 410 vum Code pénal), Saachbeschiedegung, am Fall wou d'Kleeder duerch de Faarfspray beschiedegt ginn (Artikel 528 vum Code pénal), oder eventuell och nach Outrage, wann de Spray géint eng Persoun aus dem ëffentlechen Déngscht agesat gëtt (Artikelen 275 an 276 vum Code pénal).

4. **Sinn der Regierung Fäll bekannt, wou e Faarfspray zu Lëtzebuerg scho benotzt ginn ass?**
   Weder de Parquet, nach d'Police huet Kenntnis vum Gebrauch vun sou engem Spray zu Lëtzebuerg.

5. **Plang d'Regierung, d'Thematik vun de legale Selbstverteidegungsmëttelen – notamment Pefferspray a seng Alternativprodukter – am Kontext vun der perséinlecher Sécherheet ze evaluéieren, an dat virum Hannergrond vun den Debatten, déi a verschiddene Länner (Holland, Däitschland, Éisträich, Schwäiz) dozou gefouert ginn?**

   Et ass aktuell keng nei Evaluatioun vun dëser Thematik virgesinn.

Lëtzebuerg, den 3. Juni 2026

D' Justizministesch

(s.) Elisabeth Margue